DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gauleiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

N°47. So' secher we' ons Bierger wénken
Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken I.März I944.

C.W.O. II BG 192

## In Mémoriam.

Et gin Verbriechen de eso schrecklech sin dass hir Monstruositèt gènt Himmel kreischt.
Eso e Verbriechen hun d'Preisen hei bei ons begangen wè s'elo de 25 letzeburger Männer ermurd hun. Anescht könne mer dat ongeheier Verbriechen net nennen, kâle wueliwerluechte Murd; Dôtschlon uoni Gericht an Tribunal uoni Verhe'er, uoni Zei'en, uoni Avekot, einfach e bluddegt Schluchten vu Mênschen déne neischt virzewerfe wôr wè dat et gud Letzeburger wôren.
Wè gewenlech Vèh am Schluechthaus hun de onmenschlech Menscheschluchter hir Opfer aus hire lange Prisongsleschten ausgesicht an an hirer Roserei opfgemuerkst. Ké vun hire Leit, net hir Fra'en an net hir Kanner, net hir Pappen a Mammen, hir Bridder a Schwestern. Kén ass prévene'ert gin, net én konnt se besichen fir eng lescht Ke'er se zegesin a mat en ze schwätzen. Ké Paschto'er konnt se versin, an hinnen sein Trôscht an hirer leschter Stonn brengen. Wè dat armselegst Stèck Vèh hun de perverte'ert Ubermenschen se higericht. An da schreiwen se vu - Standrecht -, dat héscht; Verbrichen de op der Dôd an op der Platz opgericht an exekute'ert gin. Mè hei net eng Spur vun engem Gericht, net emol den Théater vun hirem traurегen Sondergericht. Nén, eso en hirgelafene Fatzbeidel vu Gauleiter setzt sech mat sengem Sadisteschen Accolyten zu irgend enger Söfferei mat gestulenem Wein zesummen, a well se grad schlechter Laun sin, well a Russlandet schlecht géht an zu Leipzeg et kracht, oder well t'Letzeburger net danzen wè si peifen, da lossen se hire Leibhenker kommen, dén zu hirem a sengem Pläse'er gleich 25 brav letzeburger Birger himurkst. Den aner Dag könnt dann eng Löscht an t'Zeidong mat engem hongerechen Artikel am Goebels-Styl vun engem vun hiren Propagandafatzen leschter Güte.
Dobei sin ennert dén erschossenen Birger de schons bal e Johr am Prisong setzen, so dass se also t'Zeit genug gehât hätten irgend eng pomös Gerichts Komédie ze inzehe'eren an ofzefe'ern. Ower et ass jo mè einfach ze schreiwen - standrechtlich erschossen -. da ka kéen hannert hir Kulisse gesin.
Da brauche se kéen an dém Knascht vun hirem korrupte Régime mat all hire

mat all hire politischen Kettenhändler re'eren. Villeicht och sin dè 25 Männer vun hiren Folterknechten eso drangsale'ert gin, dat ké Standgericht a ké Sondergericht nach mèglech wôr. Et wärd schons en Dag kommen wô mer all de traureg detailen he'eren, an da schreiwen se vun Fahnenflucht a Landesverrat. Wann et net eso traureg wär, da misst é lachen. Also mir heihém de an onsem égene Land gud Letzeburger bleiwen, de gin vun dénen hirgelafenen auslänneschen Spetzbôeven als Landesverrèder behandelt; an ons letzeburger Jongen de dé knaschtegen, bluddegen Hâkekreiz-Fuendel verlossen dat sollen Déserteure sin, an dè solle mer iech Banditen a Landreiber ausliwern.

Néen a nachemol néen. Gené wè de 25 letzeburger Helden de hirt Lewt zum Land mat hirem Blud bezuelt hun, sin a bleiwe mer ëmmer an eweg Letzeburger a nëmme Letzeburger.

Mir schwieren hieren onstierwleche Se'len dat mer gené we si alles wo'en a machen bis de leschte Preiss onst Land verloss huet, an ons Hémecht erem frei ass.

Mir versecheren hinnen dass hir preisesch Mierder fir dess an all aner Verbriechen gericht a bestrôft gin. Mir verspriechen och, dass fir hir Leit a Kanner gesuergt get. Mir werden hirt Undenken ëmmer hèlleg hâlen.

Lëtzeburger, erzielt ére Kanner, fir dat si hire Kanner a Kanneskanner erziele können, vun all dèse letzeburger Patrioten an Helden de fir hirt Land ennert preisesche Kugelen gefall sin.

Ufangs Février sin erschoss gin,
SPAUS. Michel Landwirt, Trotten.
Delosch. Ernest Landwirt, Deiffeld.
an en onbekannte belge Patriote.

An der leschter Wôch vum Februar sin standrechtlech erschoss gin;
BASSING. Inspector, Vianden.
BARBIEUR. Edgar, Quaregnon, Belgien.
BENZ. Turnlehrer, Lëtzeburg.
BRISTLICH. Léon, Schmelzarbeiter, Esch/A.
CRISTOPHE. Adolpfe, Machiniste, Kreuzwald-Loth.
DAL6ZOTTO. Mett, Schmelzarbeiter, Schifflingen.
EVERLING. Georges, Employé, Lëtzeburg.
GLESENER. Hubert, Schlesser, Rumelingen.
GRZONKA. Robert, Techniker, Lëtzeburg.
HEYARDT. Raymond, Coiffeur. Rumelingen.
KOOB. Patissier, Lëtzeburg.
KUHN. Léon, Kaufmann, Lëtzeburg.
KUNSCH. Emil, Elektriker, Lëtzeburg.
LAUX. Emil, Employé, Mersch.
LEMMER. Jean, Klempner. Diekirch.
MAROLDT. Pierre, Industriel, Lëtzeburg.
MICHEL. Arthur, Anstreicher, Dalheim.
NOESEN. Antoine. Landwirt, Diekirch.
PAULY. Konrad, Schumacher, Differdingen.
SANDT. Aloys, Weinhändler, Bech-Kleinmacher.
SCHOOS. Joseof, Arbeiter, Schifflingen.
STEINMETZER. Ingénieur, Rollingen.
MANNON. Théodor, Betriebsleiter, Letzeburg.

Ceux qui pieusement sont morts pour la Patrie
Ont droit qu'a leur cercueil la foule vienne et prier;"

d'Hierz ass engem sto'e bliwen bei der tragischer Nouvelle,dat erëm vun onsen beschten Matbirger,vun onsen allerbravsten Leit,vum deitsche Gauleiter ermuord si gin.

" Wegen Landesverrat standrechtlich erschossen;" d'Verlugenhét an d'Pharisäerton,oder de Sadisme an d'bestialesch Brutalitét ? A jiddem Fall ass et Verbrécherton,wi d'menschlech Geschicht et nach ni erliéwt huet;

Wi ass et méglech,ons letzeburger,heihém an onsem Land,wegen" "Fahnenflucht oder Landesverrat gént Deitschland " ze ersche'ssen, ewo'd'ganz Welt wéss dat mir neischt mat Deitschland ze dunn hun? Ni wölle mir Preise gin,esou lang d'Welt bestéht,dat ass onst Recht, onst heilegt Recht,d'Selbstbestimmungsrecht.

d'Gall léwt engem iwer vun Ekel,wann én di deitsch Zeitongen a Riedner schwätzen hé'ert vu Selbstbestimmungsrecht der Völker,Achtung der kleinen Nationen,Völkerrecht,Haager Convention.........."

Mir Lëtzeburger hoffen,a mir biéden,dat de Arm vun der Gerechtigkét esu bal wi méglech dem preiseschen Terror én Enn setzt an dat di bluddgireg preisesch Henker an deser an an der aner Welt hirer Strôf verfâlen.

Awer iwer de Griéwer vun onsen Do'digen vernégen sech d'letzeburger Patrioten mat déwem Respect ........... a mat Stolz.

Si sin gestuorven fir hir Flicht,hird Idéal,hir gefoltert Hémecht Wann et woer ass dat " Le Patriotisme est une Vertu chretienne " da stinn se haut dô mat der schénster Märtyrerkro'n,an onser Hergott huet se an der Ewegkét mat dem höchste Loh'n ausgezéchnet,dén d'heroisch Victimen vun der Hémechtstrei verdengen.

" Entre les plus beaux noms,leur Nom est le plus beau,
Toute gloire,prés d'eux passe et tombe éphémère
Et,comme ferait une mère,
La voix d'un peuple entier les berce en leur tombeau."

---

Halt de Mond a ké Wuert ze vill gesôt,
Dat ass d'escht an d'lescht Gebot.

oooooooooooooooooooooooooooooooooooooooooooo

Vill vun onse Leit a Lieser fron ons heiensdoh wofir mer vun de Preisen ëmmer eso saugrob schwätzen a schreiwen,wo mer dach soss eso mannerlerlech Birger wären.Nu jo,mir schreiwen émol we mer denken,an wann éen mat Sauhonn ze din huet da muss én s'och eso nennen. Hautesdags wo all besser Damen an esouur ons Paschte'er a Nönnercher de Preisen dèèNiem gin de se verdengen(onser Hergott ass sicher domt averstan)do si mir dach de lescht de e Blât vun de Mond hâlen an de Knaschtsäck mat Hänschen upaken.Nach e böschen Gedold,Dir Damen an Dir Joffern,nom Krich da schreiwen a schwätze mer erem ganz manne'erlech a comme il faut.

.......................................

Virun all Preiss-passt nemmen op-A macht de Mond-net ze weit op.

---

Dringend.

Ech sichen eng Gelégenhét fir mat gudde Frenn (mat selwechten politischen Idéen) dé schweitzer Grenz ze iwertiéden.
sech wenden,Kratzenberg,Lëtzeburg.

..........................

Zevill geschnesst,an net ooducht,Huet munnercher én an d'Ongleck bruecht.

---

Preisesch Justiz.

Zu Esch hun d'Preisen mat vill Tamtam e gro'sse Process monte'ert well e. pur arem Jongen e puer Liewensmëttel a Fléschkarten gehol a verkaf+ hun.Well vun desen Karten fir dé ën jo dach neischt kritt,ganz Zukonft vu Gro'ssdappland ofhängt,ass gleich dat beruchtegt Sondergericht zesummen getrueden,an huet Ströfen ausgedélt we wann s'et mat Mierder ze dien hätten.Wuofir huen se mat dese Processen net eschter ugefang,we all de preisesch Parteigenossen a Bonzen iwer onst schént Ländchen hiergefall sin,fir et bis op Romp a Stomp auszepleimen. Wofir huet Sondergericht démols net den Här Oberbürgermeister Pg.Hengst an seng galonne'ert Accolyten gefass a gehangen,we se démols den arme Leit de Speck an d'Hâmen geklaut hun.An all Stad an Dueref, an all Amt an Amtchen(esogur um Sondergericht)kenne mer de'r preisesche Fuhrer,Leiter a Beauftragter de aus dem Stiélen e Beruf an e Commerce gemacht hun.Fir wat iwerhapt sin all de Preisen eso frèdeg op Letzeburg kom,dach nëmmen fir ze stielen,ze klauen an ze reiberen. An da maulen se vun : Deutscher Gerechtigkeitssin;national-zozialische Unbestechlichkeit,preussische Rédlichkeit,Neuordnung,etc.

Dat knaschteg Herrenvolk an de sadistesch Ubermenschen. Esogur hiere Radio fängt ëmmer mat dem schéne Refrain un :

:: Ub immer Treu und Rédlichkeit ::
øøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøøo
Lewer Herrgott,hal iwer onst deng Hand,mach erem frei onst Lëtzeburger Land.

---

--- Bre'fkëscht ---

( vu Geld ass agangen )

| | | | |
|---|---|---|---|
| Paposchossel ......... | 100 Frs. | Anonyme ............ | 500 Frs. |
| En Diekerechert....... | 100 " | Anonyme ............ | 1000 " |
| Zwé aus der Letzb.Sch. | 170 " | En Diekerecher ..... | 1000 " |
| Vum schéne Mischi..... | 200 " | En Ettelbreker ..... | 1000 " |
| Anonyme .............. | 200 " | Rôt-Weiss-Blâ ...... | 2000 " |
| Anonyme .............. | 300 " | Vum Marguerite ..... | 5000 " |
| | | Bonne chance | |

Villmols merci,a fuert eso virun.

---

Reisst net ze weit op de Mond,Soss fe'eren s'iech an de Grond.

.........................

Virun all Preiss - passt nëmmen op - A macht de Mond - net ze weit op.

oooooooooooooooooooooooooooooooooooo

Belgian War Press